

Déi Wanne funktionéieren, well si ginn all Joer eng Kéier vun de Responsablen, déi fir den Equipement hydroélectrique vum Stausee zoustänneg sinn, kontrolléiert.

M. le Président.- Domat wär dee Punkt ofgeschloss, a mir kommen zur Diskussioun vum Revisiounsprojet 4634 iwwer den Artikel 118 vun eiser Verfassung. Bei dësem Revisiounsprojet gëtt nom Artikel 114 vun der Verfassung ofgestëmmt, dat heescht, dass mindestens $\frac{3}{4}$ vun den Deputéierte mussen do sinn an de Projet mat enger Majoritéit vun $\frac{2}{3}$ muss ugeholl ginn. D'Riedezäit ass festgeluegt no eise neie Reglement.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Revisiounsprojet, den honorablen Här Paul-Henri Meyers.

5. Proposition de révision de l'article 118 de la Constitution - 4634

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat 20st Jorhonnert, wat zu Enn geet, war sonner Zweifel markéiert duerch ganz grouss Leeschtungen an alle Beräicher. Et ass awer och markéiert duerch eng Multiplikatioun vun Atrocitéiten, déi all mënschlech Imaginatioun dépasséieren an eist Ëmfannen no Gerechtegkeet ganz déif erschütteren.

Et ass och fir d'éischt an der mënschlecher Geschicht, wou am juristesche Beräich Ausdréck gepräegt gi si wéi "génocide, crime contre l'humanité, crime de guerre, crime d'agression".

Et wär och e Schlag an d'Gesicht vun all deene Leit, déi ënnert deenen Atrocitéite gelidden hunn, wann esou Crimen ongestrooft géife bleiwen.

No dem 2. Weltkrich huet d'Exigenz vun enger ugemessener Strof géint esou Crimen duerch d'Schafung vun de Geriichter vun Nürnberg an Tokyo säi konkreten Ausdrock fonnt.

Vill Leit hu gemengt, esou Crimé kéimen net méi erëm. Mir mussen allerdings haut feststellen, dass an Europa an och soss an der Welt déi abominabel Crimen net verschwonne sinn. Lëtzebuerg ass dofir och eent vun deene Länner gewiescht, déi no laange Verhandlungen, déi no dem 2. Weltkrich ugefaangen haten, 1998 déi international Konventioun ënnerschriwwen hunn, déi d'Schafung vun enger Cour pénale internationale virgesäit.

Dat Geriicht ass zoustänneg, op internationalem Plang, fir déi ganz grave Crimen, vun deenen ech geschwat hunn, déi sech géint d'Mënschlechkeet richten, ze jugéieren. Lëtzebuerg ass ëmmer dofir agetrueden, dass d'Relatiounen tëschent de Staten op verbindleche Rechtsnormen opgebaut sinn. Et ass dofir agetrueden,

dass d'Relatiounen tëschent dem Stat an de Bierger op den unerkannte Mënscherechter baséieren.

Et läit dofir och an der Linn vun eiser Politik, dass mir als Land dofir antrieden, dass all d'Versteëss géint d'Mënschlechkeet als Versteëss géint verbindleche Rechtsnormen eng geriichtlech Suite kréien. E Geriicht kann awer nëmmen effikass schaffen an déi Crimé poursuivéieren, wann et d'Méiglechkeet kriit, fir dat och ze maachen. De Statut vun der Cour pénale internationale gesäit dofir am Artikel 25 vir, dass jiddereen, deen esou e Crime begeet, och perséinlech muss dofir zur Rechenschaft gezu ginn, dass och déi Crimen an d'Zoustännegkeet vun där Cour pénale internationale falen.

Den Artikel 27 gesäit vir, datt de Statut vun der Cour pénale internationale sech op all d'Leit bezitt, ouni Rücksicht op hir Funktiounen. Dat bedeit, datt kee sech där stroferechtlicher Responsabilitéit kann entzéien, z.B. duerch d'Inviolabilitéit oder d'Immunitéit, op déi en duerch valabel Rechtsnormen am nationale Recht, an engem nationale Rechtsstat, Recht hätt, op déi e sech kéint beruffen.

Déi Dispositiounen vum Statut vun der Cour pénale internationale sinn an deene Punkten allerdéngs net vereinbar mat verschiddenen Artikelen vun eiser Verfassung, an zwar mam Artikel 4, deen d'Inviolabilitéit vum Grand-Duc virgesäit, den Artikelen 68 an 69 iwwert d'Immunitéit vun den Deputéierten an d'Artikelen 82 an 116, déi eng speziell Prozedur virgesinn, fir e Minister unzekloen.

D'Kommissioun vun den Institutionen an der Verfassungsreform, déi mat deene Problemer befaasst gi war, huet déi Unvereinbarkeete festgestallt, a si proposéiert der Chamber unanimement, d'Verfassung ze änneren, an deem Sënn, datt mer déi Konventioun kënnen stëmmen, ouni datt eng Diskordanz bestoe bleift tëscht der Konventioun selwer an den Artikelen, déi ech virduen opgezielt hunn, den Artikelen 4, 68, 69, 82 an 116 vun eiser Verfassung. Deen Text, dee mer proposéieren, erlaabt et eis, déi Konventioun ze stëmmen, ouni déi Artikelen brauchen ofzeänneren. Déi Artikelen bleiwen och am interne Recht integral bestoen.

D'Verfassungsännerung, déi mer proposéieren, huet den Accord unanime vun der Kommissioun fonnt. Si huet och den Accord fonnt vum Conseil d'Etat. Den Text, dee virgeschloen ass, fënnt seng Plaz am Artikel 118 vun der Verfassung. Deen Artikel ass fräi. D'Verfassungsännerung erlaabt also, datt mer séier déi Konventioun iwwert d'Cour pénale internationale kënnen stëmmen.

Lëtzebuerg ass domat eent vun deenen éischte Länner, wat déi Konventioun och ratifizéiere kann. Ech mengen, mir sollen dofir och net zécken, fir dat ze maachen, well och déi do Mesure eise Land gutt zu Gesiicht steet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Den Här Bodry huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Alex Bodry (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Chamber schéckt sech un, d'Verfassung ze änneren. Et ass eigentlech eppes Aussergewöhnlech. Erlaabt mer trotzdem, meng perséinlech Verwonnerung driwwer auszudrécken, dass mer eis ganzer 30 Minutte ginn, fir hei iwwer eng Ofännerung vun eiser Verfassung ze diskutéieren! Déi schnell Aart a Weis, wéi d'Chamber déi heiten Diskussioun virhëlt, steet e bëssen am Widdersproch zu där komplizierter Prozedur, déi mer hunn, fir eis Verfassung ze änneren, an zum Schluss wëll ech vläicht nach eng Kéier op deen dote Punkt ze schwätze kommen.

Et sief, dass an der zoustänneger Kommissioun keng gréisser Schwierigkeete waren, fir deen heiten Ännerungsvorschlag unzehuelen, duerch deen eigentlech gewährleescht gëtt, dass d'Lëtzebuerger Land déi dote wichteg Konventioun ka guttheeschen an d'Regierung se spéiderhi ka ratifizéieren, mä awer och, dass de Prinzip vun der Gläichheet vun all Bierger virun där neier internationaler Geriichtsbarkeit ëmgesat gëtt. All d'Bierger, d.h. och de Statschef, de Minister an d'Deputéiert, si gläich virun där Cour pénale internationale. Dat ass och gutt sou! Just, fir dat och kënnen an eise juristesche System ëmzesetzen, musse mer d'Méiglechkeet schafen, iwwert déi Ännerung vun eiser Verfassung dee Wee opzemaachen.

An där heite Prozedur, mengen ech, hunn all d'Institutionen hir Missioun voll erfëllt:

- d'Regierung, andeem se hiren Accord ginn huet zu där Konventioun;

- de Conseil d'Etat, andeem en a sengem éischten Avis schonn op déi juristesche a constitutionell Schwierigkeeten higewisen huet, déi sech an deem heite Fall stellen, an ech mengen, en ass domat senger Missioun als preventivem Kontrollorgan, wat d'Verfassungsméissigkeet vun de Gesetzesprojeten ugeet, och voll a ganz nokomm, a schliesslech

- de Législateur: Hien erfëllt och, mengen ech, seng Roll, doduerch dass en déi fundéiert Objektiounen vum Conseil d'Etat iwwerholl an och dofir gesuergt huet, dass mer also gläichzäiteg haut kënnen diskutéieren, fir d'éischt iwwert d'Ofännerung vun eiser Verfassung, an am selwechten Otemzuch praktesch och dann iwwert d'Guttheeschung vun deem Statut vu Roum vun der Cour pénale internationale.

Ech géif soen, dass dës Verfassungsreform dräi wichtige Kritäre Rechnung dréit.

Éischstens emol bréngt déi Verfassungsreform hei déi noutwendeg Rechtssécherheet an dee ganze Froekomplex mat eran. Widderspréch tëscht Verfassungstext an

internationalen Texter sinn net méi méiglech, wann d'Chamber ënnert deenen néidege Bedingungen hiren Accord zu dëser Verfassungsännerung gëtt.

Zweetens: de Respekt vun der Hierarchie vun den Normen. Et schéngt mer och ganz wichteg ze sinn, dass een hei praktesch Schrëtt fir Schrëtt fiert, d.h. dass een also iwwert d'Ännerung vun der Verfassung d'Méiglechkeet opmécht, fir dass kann en internationalen Traité guttgeheescht ginn, dee soss contraire gewiescht wär zu enger Dispositioun vun eisem Grundgesetz.

Drëttens mengen ech, dass mer eis och konnten eens ginn, an der Form, iwwert eng elegant Aart a Weis, fir deen dote Wee opzemaachen, doduerch dass mer net higaange sinn an an eenzel Artikelen vun eiser Verfassung Zousatzbestëmmungen mat integréiert hätten, mä dass mer an en eenzeg Artikel d'Dispositions transitoires et supplémentaires drasetzen, an engem eenzeg Artikel also dofir suergen, dass de Wee op geet fir d'Guttheeschung vun deem heiten internationalen Traité.

Dee Wee hu mer am Fong och misse goen, well mer soss Problemer gehat hätte mam Artikel 4 vun eiser Verfassung, well dat ee vun deenen Artikelen war, deen déi viregt Chamber net bereet war opzehuelen an déi Rei Artikelen, déi kéinte vun dëser Chamber enger Revisioun ënnerwerf ginn! Dat ass also d'Onverletzbarkeit vun der Persoun vum Grand-Duc. Deen Artikel hätte mer eigentlech och net kënnen änneren, ouni d'Chamber erëm eng Kéier frësch opzeléisen, soudass mer hei, mengen ech, en elegante Wee fonnt hunn, fir an der Substanz datselwecht ze erreechen, ouni mussen an eenzel Verfassungsdispositiounen piddelen ze goen!

Dat bréngt mech dann awer zu menger leschter Bemierkung, déi ech wollt maachen.

Dat dote Beispill, mengen ech, beleet awer, dass mer schnellstens mussen higoen an eis Prozeduren, respektiv eise Mechanismus iwwert d'Ofännerung vun der Verfassung iwwerdenken, menger Ansicht no net onbedingt nëmmen, wat d'Traitéen ugeet. Dat schéngt mer evident ze sinn, an do schéngt sech och eng grouss Majoritéit erauszeschielen, dass, wat international Traitéen ugeet, eise Mechanismus, fir d'Verfassung ofzeänneren - d'Deklaratioun vum viregte Parlament, d'Opléisung vum Parlament, dat neit Parlament, wat awer praktesch kee Mandat huet an net kann an iergendeng Richtung Verfassungsännerungen virhuelen -, eigentlech net méi zäitgeméis ass. Esou e Mechanismus gëtt et, ausser an een, zwee Länner, a kenger anerer parlamentarescher Demokratie méi!

Mir brauche sécherlech Garde-fous, extra Majoritéiten, Quorumen, déi musse streng sinn, mä menger Ansicht no musse mer eis awer opmaachen, fir méi schnell kënnen op international Bewegungen ze reagéieren, wat eise Verfassungstext ugeet, respektiv och op d'Décisionen vun der Cour constitutionnelle eventuell kënnen méi schnell ze reagéieren an net mussen onbedingt duerch eng Opléisung vum Parlament ze goen.

Dat gesot wëll ech den Accord vu menger Fraktioun abrénge, ouni awer virdrun net ze verfehlen, dem Rapporteur, dem Här Meyers, en härezeleche Merci ze soe fir déi gutt Aarbecht, déi hie geleescht huet, an och op dat gutt Aarbechtsklima, wat mer an der zoustänneger Kommissioun vum Parlament hunn, ze insistéieren.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean-Paul Ripinger agedroen. Den Här Ripinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Ripinger (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech muss hei meng Verwonderung ausdrécken, dass mäi Virriedner mengt, 30 Minute géifen net duergoen, fir zu enger Verfassungsännerung ze schwätzen. Wann ech hien héieren hunn, ass et him mat vill manner Zäit duergaangen, an ech kann net verstoen, dass d'Importenz...

(Interruption)

...vum Sujet "en relation causale" oder "en relation directe" ass zu der Längt vun der Riedezäit.

(Interruptions et hilarité)

Donieft constatéieren ech eemol méi, dass an der sozialistescher Fraktioun déi lénks Hand net weess, wat déi riets Hand mécht,...

Une voix.- Ouh?

M. Jean-Paul Ripinger (DP).- ...well soss misst den Här Bodry wëssen, dass säi Fraktiounsprésident an der Conférence des Présidents mat der Riedezäit averstane war.

(Interruption)

Ech muss also soen,...

M. Alex Bodry (LSAP).- Ech kann awer eng aner Meenung dozou hunn!

M. Jean-Paul Ripinger (DP).- Majo, déi dréckt Der jo och aus, a mir huelen Akt...

M. Alex Bodry (LSAP).- Déi liberal Fraktioun schéngt do e bësse manner liberal ze sinn!

M. Jean-Paul Ripinger (DP).- Här President, ech huele mat Freed Akt vun där Differenz, déi besteet an der sozialistescher Fraktioun. Déi ass esou apparent, dass mer se mol net méi brauchen an der Öffentlechkeet duerzeleeën! Mä de Sujet ass mer awer vill zevill important,...

(Interruption)

...fir sou e parteipolitescht Geplänkel heirauss ze maachen.

Une voix.- Ah!

(Interruption)

M. Jean-Paul Ripinger (DP).- Ech wëll nëmme soen, dass ech mat deem, wat mäi Virriedner hei iwwert d'Verfassungsännerunge gesot huet, absolut net d'accord sinn! Ech mengen, mir hunn eng Prozedur, e Quorum, e Majoritéitssystem, a mir stinn och dozou! Ech fannen, dass den Här Meyers an excellenter Aart a Weis hei duergeluegt huet, wat an der Kommissioun diskutéiert ginn ass.

Et ass selbstverständlech, dass Lëtzebuerg eent vun deenen éischte Länner ass, wat dës Konventioun ratifizéiert, an déi Verfassungsännerung gëtt jo nëmme noutwendeg duerch de Fait, dass mer déi Konventioun iwwert d'Cour pénale internationale hei wëlle ratifizéieren. Et soll een déi zwou Saachen net vermëschen!

Mir müssen also eis Verfassung änneren, an de Rapporteur huet déi Artikele genannt, déi en contradiction sinn, souwuel wat de Chef de l'Etat, wéi och wat d'Ministerei an d'Deputéiert ubelaangt, mat der Immunitéit. Et ass also nëmme ze begreifen, dass Lëtzebuerg heibäi eent vun deenen éischte Länner ass, wat och ëmmer Virreider ass, wann et ëm Mënschlechkeet geet, wann et drëm geet, fir Mënschlechkeetsprinzipien a seng Législatioun oder a seng Verfassung eran ze bréngen.

Dofir kënne mir als Fraktioun dat och nëmme ratifizéieren, approuvéieren, wat de Rapporteur hei gesot huet. Ech wëll allerdéngs soen, dass déi Intentioun vun den internationalen Organismen, fir sou eng Cour pénale internationale ze kreéieren, luewenswäert ass. Malheureusement muss ech awer constatéieren, dass um Terrain déi Saach net ëmmer sou funktionéiert, wéi se misst funktionéieren. Ganz oft, bei Génociden, bei Crimé géint d'Mënschlechkeet, sinn et d'Lampisten, déi viru Geriicht geruff ginn, an déijéineg, déi eigentlech un der Spëtzt stinn - mir brauche jo nëmme d'Balkan-Länner ze kucken, z.B. a Jugoslawien, wéi et do ass -, souwuel an der Arméi wéi och un der Spëtzt vum Stat, ginn net belangt.

Wann ech nëmme dee ganzen Theater gesinn hunn ëm de Pinochet, déi ganz Geschicht, déi sech do déve-loppéiert huet, fir dee viru Geriicht ze stellen, da muss ech constatéieren, dass dat hei wuel eng Déclaration d'intention ass, mä dass mir awer drop insistéieren, dass déi Dispositiounen vun där internationaler Konventioun och a Wirklechkeet ëmgesat ginn.

Ech mengen, d'DP huet ëmmer, wann et ëm de Rechtsstat gaangen ass - sou wéi déi aner Parteien iwwergens och; dat wëll ech och hei ervirhiewen -, ëm d'Anhale vun internationalen an nationale Rechtsnormen, mat engem Mond geschwat! Dofir, Här President, wëll ech nach eng Kéier hei bestätegen, dass eis Fraktioun selbstverständlech déi Verfassungsännerung vum Artikel 118 stëmme wäert.

M. le Président.- Den Här Krecké huet d'Wuert gefrot.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ganz kuerz, Här President: Ech sinn hei interpelléiert ginn. Ech wëll den Här Rippinger einfach berouegen.

Wéinst deem klengen Différend do geet kee vun eis zwee aus der sozialistescher Partei eraus.

Et kann een d'Fro stellen, ob ee bei enger Verfassungsännerung, wou hannendrun e Gesetz mat deemselwechte Sujet ass, dat bedéngt, dass ee virdrun eng Verfassungsännerung mécht, sech d'Zäit hält, fir iwwert den Inhalt ze diskutéieren bei der Verfassungsännerung, oder ob ee sech déi hält, wann een d'Gesetz stëmmt.

Doriwwer kann ee gedeelter Meenung sinn. Dat, wat den Här Bodry gesot huet, ass wuel esou richteg wéi dat, wat mir an der Conférence des Présidents décidéiert hunn. Dat eent an dat anert ass eng Méiglechkeet. Wann den Här Rippinger anerer Meenung ass, da kann hien dat jo gegebenenfalls verrieden. Ech mengen, et ass keng grouss Differenz do, an ech mengen, Här President, dass hie berouegt schlofe kann.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass d'Mme Renée Wagener agedroen. D'Mme Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet bei deem Revisiounsprojet ëm d'Conformitéit vum Statut vun deem neien internationale Stroferiicht mat eiser Constitutioun. Dee Statut gesäit jo vir, dass jidderee virun dëser Cour gläich behandelt gëtt, dass d'Qualitéit vum Stats- oder Regierungschef, vum Minister oder vum Deputéierten net vun enger penaler Verantwortung enthieft. Genée dass seet awer eis Constitutioun par rapport zum Statschef, an och an ofgeschwächter Form fir d'Regierung a fir d'Deputéierten.

Ech wëlt an deem Kontext drop hiweisen, dass mir virun 2 1/2 Joer eréischt den Artikel 4 vun der Verfassung, dee jo d'Inviolabilitéit vum Grand-Duc betrëfft, ofgeännert hunn. Mir hunn deemools de Caractère sacré vun der Persoun vum Grand-Duc do erausgeholl, mä leider konnt sech deemools d'Majoritéit awer net dozou duerchréngen, fir och iwwert de Principe vun der Inviolabilitéit ze schwätzen an deem eventuell op den Exercice vun der Funktioun vum Statschef anzeschränken, esou wéi mir als Gréng dass och deemools proposéiert haten.

Ech war deemools mat mengem Amendement, deem ech an der Kommissioun gemaach hat, allein auf weiter Flur, obwuel dunn d'Viraarbechten zu deem Projet iwwert de Statut de Rome, iwwert dee mir och nach haut ofstëmmen, schonn amgaange waren.

Ech wëlt ganz kuerz aus dem Rapport vun der Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle vun deemools zitieren: "L'inviolabilité implique l'ir-

responsabilité la plus totale, absolue et générale. Celle-ci est d'ordre pénal, civil et politique."

An anere Länner, Här President, ass dass e bëssen anescht. Zum Beispill gëlt an Holland d'Inviolabilitéit net fir d'Actes incriminés par la loi pénale. Et gëtt vläicht och nach aner Beispiller. Et léisst mech op alle Fall drop schléissen, dass ee mindestens déi Diskussioun hätt misse driwwer féieren, ob mir hei net vläicht hätt misse Modificatiounen virhuelen.

Da wëlt ech nach, Här President, op en anere wichtige Moment hiweisen, dee sech hei ofgespillt huet, nodeems de Statut de Rome festgehale war, nodeems Lëtzebuerg e signéiert hat, en halleft Joer, nodeems de Projet de loi, dee mir haut stëmmen, déposéiert war, nämlech bei der Diskussioun an der leschter Chamberssitzung vun der viregter Legislaturperiod rondrëm d'Revisabilitéit vun deenen diverse Verfassungsartikelen.

D'Demokratesch Fraktioun hat d'Propositoun gemaach, fir eng global Verfassungsrevisioun virzehuelen. Dass hätt geheescht, dass mir all d'Artikele fir revisabel erkläert hätten. Dës Iddi gouf ënnerstëtzt vun deene Gréngen an och vum ADR. Just déi zwou deemoleg Regierungsparteien hunn dass awer refuséiert, an dass mam Argument, dass déi nächst Regierung géif da vläicht d'Monarchie a Fro stellen oder aner schrecklech Saachen maachen.

Och den Artikel 4, op deem ech elo agaange sinn, wollte si net fräi ginn. Bei der CSV verwonnert een déi Ängschtlechkeet, déi do hannendru stécht, vläicht e bësser manner, bei der LSAP e bësse méi. Wie dem auch sei, d'Resultat ass, dass mir haut genoe an déi Situatioun geroode sinn, virun där déi Gréng gewarnt haten.

Ech wëlt mech mol an aller Bescheidenheet selwer zitieren: "Fir esou eng Iwwerarbechtung ass eng global Approche noutwendeg. Et geet net duer, eenzel Artikelen ze iwwerpréifen. Dovunner ware mir schonn ëmmer iwwerzeegt, an doranner hu mech och déi 5 Joer Aarbecht an der Verfassungskommissioun bestärkt. Et huet een awer och gemierkt, wéi oft eng Ännerung vun engem Artikel Répercussiounen op en aneren hat, wéi wichtig et ass, sech Spillraum ze ginn, fir Ännerungen, déi een a priori vläicht net ageplangt hat, déi sech dann awer als noutwendeg erweisen, dann awer kënnen ze maachen."

Fir dass mir net wéinst dem Statut de Rome d'Chamber mussen opléisen, fir dass mir awer déi Artikele kënnen nodréiglech ëmänneren, déi hei en cause sinn, oder mindestens hiren Inhalt, maache mir dann elo hei eng kleng Pirouette constitutionnelle a setzen en Artikel bäi, dee seet, dass eis Constitutioun sech net mat deem Statut de Rome bäisst, wat jo awer no de grad zitierten Aussoe vun der viregter Kommissiouns-majoritéit net zum mannste widderspéichlech ass. Vun elo un ass d'Persoun vum Statschef also de facto just nach am interne Recht inviolable, obwuel dass bis elo ëmmer ganz anescht interpretéiert ginn ass.

Mir Gréng, Här President, hätten et léiwer gesinn, wann iwwert déi betreffend Artikelen - net nëmmen den Artikel 4 - an hire Sënn an der heiteger Zäit mol méi eng seriö Diskussioun hätt kéinte gefouert ginn, net nëmme wat de Grand-Duc betrëfft, mä och d'Regierung an d'Deputéierten, zum Beispill d'Recht vun der Chamber, eng Accusatioun vun engem Regierungsmember ze refuséieren an doduerch eng Poursuite pénale vun dëser Persoun ze verhënneren. Et gëtt vläicht och nach aner Beispiller. Ech wëll just drop hiweisen, dass och den Här Weiler eng Kéier eng Proposition gemaach hat, fir iwwert d'Immunitéit vun den Deputéierten nozedenken. Dat sinn alles Froen, mat deenen ee sech mol eng Kéier misst méi seriö auseneesetzen.

Donieft werft déi ganz Saach natierlech och erëm d'Fro op no eiser Prozedur fir Verfassungsännerungen - den Här Bodry huet virdu schonn drop higewisen -, déi antiquitéiert an onflexibel ass. Bei där globaler Verfassungsreform, un där mir schaffen, misst déi och iwwerduecht ginn.

Dat gesot, Här President, wenn es der Sache dient, an dat ass jo hei sécherlech de Fall, gi mir eisem Häerz e Stouss a wäerten dës Verfassungsrevisioun och mat droen.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Mehlen agedroen. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

M. Robert Mehlen (ADR).- Här President, mir gouf haut déi schwierig Missioun iwwerdroen, den Här Henckes als Jurist hei an dësem Débat ze verrieden. Ech leien awer sécher net falsch, wann ech dem Rapporteur merci soe fir seng kloer Sprooch. Deen, deen him nogelauschert huet, huet op alle Fall matkritt, ëm wat et geet a wat d'Problemer an dësem Projet sinn. Mir fëllen den Artikel 118, dee bis elo blanc war, erëm mat engem Contenu.

Ech hu mir awer och als Net-Jurist d'Fro gestallt - esou wéi der Mme Renée Wagener hir Iwwerleeungen -, ob mir dann elo net an enger schwieriger Situatioun sinn, andeems mir eng Contradictioun schafen tëschent deem, wat mir Artikel 118 nennen, an deem, wat an deem engen oder anere Mooss an den Artikelen 4, 68, 69, 82 an 116 enthalen ass. Et kann een net dovun ausgoen, dass mir an den Artikelen vun der Constitutioun eng Hierarchie hunn, wou een Artikel méi héich steet an déi aner predominéiert.

Et schéngt mir aus deene Grënn, déi d'Mme Wagener elo ganz treffend duergeluegt huet, esou ze sinn, dass mir musse mat där Contradictioun liewen. Ech mengen, mir kéinten och an Zukunft domat liewen. Et soll een awer d'Geleeënheet net ausloossen - esou bal mir d'Méiglechkeet hunn -, fir trotzdem Kloeerheet do ze schafen.

Et ass richtig, dass den ADR déi leschte Kéier der Meenung war, et sollt een d'Verfassung als Ganzt op de Leescht huelen an iwwerschaffen. Wa mir dat gemaach hätten, dann hätte mir elo déi Schwierigkeet net. Ech wëll ofschléissend soen, dass mir selbstverständlech dofir

sinn, dass déi Cour pénale internationale soll kënnen an Aktioun treden, dass dat eng gutt Saach ass. Fir do de Wee fräi ze maachen, wäerte mir dee Projet de loi stëmmen.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Bisdorff agedroen. Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Dat, wat sech an dëser Chamber ofspillt, Här President, gëtt et net an der leschter Banannerepublik. Hei gëtt eis Verfassung, dat iewescht Gesetz, wat mir hunn, fir deem seng Ännerung eng besonnesch Prozedur erfuerdert ass, am Schnellverfahren op d'Bühn bruecht. Déi geréngst Riedezäit, déi am Règlement virgesinn ass, ass festgehalen ginn, fir eiser Verfassung dës Schmach unzeden.

Awer säitdeem d'Bankgeheimnis zum eenzeg Hellegen erkläert ginn ass, wat et nach an dësem Land gëtt, kann ee roueg d'Verfassung als niewesächlech betruechten. Dës Mini-Riedezäit ass sécherlech gewielt ginn, fir dass kee soll richtig an déifgrënneg iwwert dat diskutéiere kënnen, wat u sech den Hannergrond vun dëser Ännerung ass.

Deen Text, deen an den Artikel 118 erakënnt - en Artikel, deen et iwwerhaupt net méi gëtt, well en eréischt am Abrëll 1999 ofgeschaaft ginn ass -, seet och näischt iwwert den déiwere Sënn vun dëser Verfassungsännerung. Well deen ofgeschaaft ginn ass, ass menger Meenung no och den Intitulé vun eisem Punkt um Ordre du jour falsch.

Ech hunn hei d'Verfassung aus dem Internet erausgeholl. Dat ass den Text à jour au 20 juin 1999, wou da fir den Artikel 118 steet: "abrogé par la révision du 29 avril 1999." Menger Meenung no kann een eppes, wat ofgeschaaft ass, net änneren. Do misst een dat vläicht textlech korrigéieren.

Well heimat awer, Här President, meng Riedezäit schonn eriwuer ass, wäert ech beim nächste Punkt um Ordre du jour d'Hannergrënn an d'Konsequenze vun dëser Ännerung vun eiser Verfassung méi am Detail erklären. Dat ass eng Ännerung vun eiser Verfassung, déi ech aus Protest géint d'Virgehensweis net stëmme wäert.

M. le Président.- Den Här Patrick Santer huet d'Wuert gefrot.

M. Patrick Santer (CSV).- Här President, Dir Damen an Dir Hären, ech wëlt am Numm vun der CSV-Fraktioun dem Här Paul-Henri Meyers fir säi schrëftlechen a mündlechen Rapport merci soen. Hien huet op eng kloer Aart a Weis d'Grënn fir dës Verfassungsännerung virgeluegt.

Et geet ëm d'Conformitéit vun eiser Verfassung par rapport zum Statut vu Roum, an net, wéi ech héieren hunn, iwwert d'Conformitéit vum Statut par rapport zu eiser Verfassung.

Ech wéilt heimat den Accord vu menger Fraktioun ginn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Ausseministesche Lydie Polfer.

Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.- Merci, Här President. Erlaabt mir just, am Numm vun der Regierung meng Satisfaktioun auszudrécken, datt d'Chamber bereet ass, fir, loosse mir soen, op eng pragmatesch Aart a Weis hei e Problem ze léisen. Dat ass e Problem, dee mir alleguer kennen. En ass hei vum Rapporteur a President op eng ganz ausféierlech Aart a Weis duergeluegt ginn.

Ech stellen och fest, datt vun alle Säiten, ausser elo vum Här Bisdorff, d'Manéier, wéi mir un déi Problematik erugaange sinn, gedeelt gëtt, wëssend datt et net déi ideal Léisung ass. Et ass awer eng Léisung, déi et erlaabt, de Statut vum Tribunal pénal international haut ze ratifizéieren.

Dat ass eng Ratificatioun, déi dësem Land gutt zu Gesiicht steet. Mir ginn domat dat drëtt europäescht Land, dat dat ratifizéiere kann, no Italien a Frankräich. Ech sinn dofir frou, datt mir hei e ganz grouse Konsens hu fir dës pragmatesch Aart a Weis, fir eis Constitutioun deem unzepassen, wat an deem Statut vun eis verlaangt gëtt.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zu der Lecture vum Artikel 118 a stëmmen doriwwer of.

Lecture du texte de la proposition de révision de l'article 118 de la Constitution (par M. Jean Spautz)

Den Artikel 118 ass gelies an ugeholl.

Mir kommen dann elo zum Vote iwwert d'Proposition de révision de l'article 118 de la Constitution. Mir musse zu 3/4 heibanne sinn an zu 2/3 d'accord sinn.

Vote sur l'ensemble de la proposition de révision de l'article 118 de la Constitution et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

D'Proposition de révision de l'article 118 de la Constitution ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen an enger Nee-Stëmm.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco

Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jeannot Belling), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Jeannot Krecké), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par Mme Lydie Err), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Jean Colombero), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Renée Wagener) et Mme Renée Wagener.

A voté non: M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4502 iwwert de Statut vun der Cour pénale internationale.

Et sief drun erënnert, datt bei dësem Projet de loi ebefalls nom Artikel 114 vun der Verfassung ofgestëmmt gëtt. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt.

Den Här Mehlen freet d'Wuert nach fir den Dépôt vun enger Motioun. Et wäert jo net ze laang daueren!

(Interruptions et hilarité)

6. Dépôt d'une motion par M. Robert Mehlen sur les questions parlementaires

M. Robert Mehlen (ADR).- Neen, ech maachen et ganz kuerz, Här President, an ech bedauern, dass ech se net éischter virleien hat, soss hätt ech se bei der Froestonn virbruecht.

Här President, mir sinn a Presenz vun engem Verhale vun der Regierung vis-à-vis vun der Chamber, wat, menger Meenung no, net weider kann toleréiert ginn, wat d'Beäntwere vun de Questions parlementaires ubelaangt.

Ech hu well x-mol reklaméiert, Dir hutt well reklaméiert, de Minister chargéiert mat de Relatiounen mam